

ber 2007, wat e Bréisseler Datum ass, an deen ass net schrecklech wäit vun hei ewech.

D’Fro ass also: Wou si mer dru mat den Zertifizierungen, fir déi Lux-ANSP-Zertifizéierung kënnen ze erdeelen?

Um Findel si mer op zwee Punkten net wäit komm an do hu mer am Moment e relativ zolitte Problem. Et wier gutt, wann d’Regierung net nëmme sech géif mam Vote vun dësem Text beschäftegen, mä mat deem, wat um Terrain muss geschéien, fir dass mer kënnen à tout point konform ginn - wat mer am Moment nach net sinn.

Ech soen lech Merci.

» Une voix.- Très bien.

» M. le Président.- Merci, Här Braz. Et ass elo kee Riedner méi ageschriwwen, duerfir huet d’Regierung d’Wuert, den Här Minister Lucien Lux.

» M. Lucien Lux, Ministre des Transports.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d’éischt emol e Merci och un de Kolleeg Roland Schreiner, deen net nëmmen de Mëtteg, mä och an der Kommissioun eng exzellent Aarbecht gemaach huet, fir dass mer esou schnell wéi et méiglech war an dësem Dossier virukomm sinn. Ech ginn och net méi elo an op déi laang Diskussioun, déi mer gefouert hunn, woubäi, Här Gira, e Sozialdialog, hunn ech geléiert a jonke Joren, ni eng verlueren Zäit ass. An dass mer eis wierklech Zäit geholl hunn, fir eis mat de Vertrieeder vum Personal an Hearingen, an Tables rondes, a Workshops ze ënnerhalen, fir zum gudde Wee ze kommen; dat halen ech nach ëmmer fir gutt investéiert Zäit, an net fir verlueren Zäit.

Et kéint ee jo soen, Här Braz, mir hätten am Laf vun deem ganze Prozess dräi Méiglechkeete gehat, well a sech hate mer d’Méiglechkeet vum Établissement public fir déi hei Verwaltung oder d’Statsverwaltung esou loossen. Mir hunn am Ufank an Hearing zu Beetebuerg souguer och nach geschwat iwwer eng Méiglechkeet, och lux-Airport an déi hei Verwaltung mateneen ze gesinn an engem Établissement public. Mir hu jo viles do vu Méiglechkeeten diskutéiert.

Dir hutt Recht: Bei alle Solutiounen an allen Hypothese gouf et Vir- an Nodeeler. Et war keng, wou et nëmme schwaarz war, an et war keng, wou et nëmme wäiss war. Ech mengen, dass mer en fin de compte, nodeem mer eng grouss Réunioun mam gesamte Personal organiséiert hunn an dat diskutéiert hunn, zur Konkusioun komm sinn, ëmmer erëm ënnert der Virgab, dass dat vu Bréissel och géif esou gesi ginn.

Déi Zäit, déi mer verluer hunn, war jo zu engem gudden Deel fir och erauszefannen, wou dann d’Bréisseler Kommissioun wierklech géif de Perimeter setze fir d’Indépendance vun deem, wat mer hei maachen, vis-à-vis vun deenen aneren Acteuren. Dat wat konform ass zum Audit vu McKinsey, konform ass zu der Motioun, déi mer hei gestëmmt hunn, alles dat huet jo missen erausfonnt ginn.

Ech menge mir hu bal méi Zäit verluer, fir bei der Kommissioun ëmmer och de Go ze kréien a sécher ze sinn, dass mer herno mat där Léisung och géife weiderkommen, dass d’Statsverwaltung mat enger Gestion séparée och vu Bréissel géif als konform ugesi ginn zu de Regele vum Ciel unique. Dee Wee si mer elo gaangen.

Ech muss soen, ech hunn an deene leschten Deeg an deenen Diskussiounen, déi ee féiert, der bei der Représentatioun vum Personal fonnt, déi gesot hunn: Wa mer haut dat esou kucken, da kéint een och denken, den Établissement public wär vläicht awer déi besser Léisung gewiescht. Well mer awer fir eng Rei vu Froen, ënner anerem déi Personalfroen, an der Carcasse vun dem Statsekteur elo bleiwen, an ech soen nach ëmmer - ouni erëm eng kéier d’Diskussioun wëllen opzemaachen; ech mengen, mir schlësse se haut jiddefalls emol fir eng Zäit of -, den Établissement public hätt op deem Beräich sécherlech, wat d’Personal, d’Gestioun vun de Ressources humaines, d’Formatioun, d’Weiderbildung, eng ganz Rei vu Méiglechkeete ginn, an och an der Besoldung vun de Leit hätt een eng Rei vu Fräiheete kritt, déi elo op jidde Fall reduzéiert sinn, wou een an enger Carcasse ass, déi Der kennt, déi net ëmmer einfach ass.

Esou dass ech mengen, dass déi Décisioun, déi mer haut huelen, deen Départage, dee mer musse maachen, deenen eenzelnen Acteurë gerecht gött, a wa mer do e Konsens fonnt hunn, dann ass dat jo och gutt esou.

Wat d’Sécherheet ubelaangt, den Här Spautz huet dat nach eng kéier gesot, mä mäin Appel geet dann awer wierklech u jiddferen an och un hien, wierklech iwwe-all derfir ze suergen - an hien ass jo och nobäi, fir enger Rei vu Leit dat och kënnen weider mat op de Wee ze ginn. Ech mengen hie versteet, wat ech wëll soen, dass, wa mer vu Sécherheet schwätzen, den Appel effektiv geet bei jiddfer eenzelnen Acteur, deen douewen um Site schafft. An duerfir soen ech och vun dëser Plaz all deene Leit do, an dat sinn der jo e puer dausend, dass alles, wat mer maachen a puncto Sécherheet, net derfir do ass, fir d’Leit ze kujenéeieren, mä ënnert dem Drock vun allen Auditen an alle Reglementer vu Bréissel an international einfach noutwendeg ass.

Duerfir ass mäin Appel wierklech deen ze verstoen, dass et net drëm geet, onnéideg d’Leit ze perturbéiere mat Kontrollen hei an do a mat Regeln. Et geet drëm fir ebe just ze verhënnere, dass den Artikel 15 muer erëm eng kéier gezu gött, well dann hoffen ech, dass déi, déi dann iwwer eis hierfalen, och zu deene gehéiert hunn, déi eis haut hëllefen, fir jiddferengem Eenzelnen do uewen ze soen a kloerzemaachen, dass mer eis un déi Regeln do mussen halen, wa mer d’Renommée an de Charakter vun eisem Flughafen och wëllen assuréiert ginn.

Eng lescht Bemierkung da fir op eng Fro ze äntwerten, déi zum Schluss gestallt ginn ass vum Kolleeg Braz, dat ass déi am Zusammenhang mat der Zertifizéierung. Ech mengen dann hätt ech vu mir aus dat Wichtigst gesot, well effektiv, de Kolleeg Roland Schreiner huet dat gutt gemaach.

D’Zertifizéierung ass e wichtege Schrëtt, deen elo ëmzesetzen ass. Och do hänke mer ëmmer hannendrun, well dat och e schwieregt Feld douewen ass. Ech wëll hei keng grouss Detailer zielen, mä dass et um Findel, mat all deenen Acteuren, déi do sinn, och deem privaten Acteur lux-Airport, der Statsverwaltung an esou virun, schwierereg ass do wierklech unzekommen, deen Départage kloerzemaachen, derfir ze suergen, dass d’Leit matenee schaffen, dass dat och fir Lëtzebuerg op ville Gebidder Neiland ass, dass eis och oft déi néideg Qualifikatioune feele fir dat gutt a schnell ëmzesetzen. Dat ass och e bëssen de Problem vun enger Lëtzebuurger Situatioun, wou d’Réglementatioun ëmmer méi gräift, ëmmer méi schwierereg gött, ëmmer méi komplex gött a wou mer wierklech oft mussen och op international Experten zrëckgräifen, fir dat ëmzesetzen. Dat ass e bëssen, net nëmmen an deem dote Beräich, e Problem, dee mer generell hunn.

Wat d’Zertifizéierung ubelaangt, huet den Här Braz richtig gesot, dass eng Rei vun Zertifizéierung fäerdeg sinn, wat d’Météo ubelaangt, de CNS, also Radarberäich, den AIS. Mä natierlech d’DAC, déi dat elo muss maachen an deem Départage vun den Indépendancen ënnereen, déi waart bis se déi Gesamtzertifizéierung ka maachen, an haaptsächlech geet et jo dann do och ëm den ATC, fir dee Beräich ofzeschlëssen.

Ech mengen, dass mer haut mat dem Gesetz jo och elo eng Rei vu Bedéngungen nach schafen, déi mer brauchen, fir déi Zertifizéierung ze maachen. Businessplang zum Beispill, d’Fiabilitéit kënnen nowiese vun deem, wat hei gesot ginn ass vum Rapporteur a vun lech och. Recetten an Dépensen, déi elo an enger kloer getrennter Gestion séparée mussen opgewise ginn; alles dat muss geschéien.

Ech mengen, dass Dir zum Schluss gesot hutt, et geet net nëmmen ëm d’Gesetz, et geet och drëm sech Dag fir Dag drëm ze këmmere, dass dat elo virugeet. Dat maache mer wierklech an aller Intensitéit, haut nach, gëschter nach, d’lescht Woch nach. Ech géif haut de Pronostic woen, dass mer fir de Mäerz d’Zertifizéierung kënnen ofschlëssen.

Ech mengen, dass dat...

(Interruption)

Wat gelift?

(Interruption)

Jo.

...an engem Kader dann och geschitt, dee gutt ass. Mir hunn zu Bréissel Ausstand gefrot, fir dat ze maachen. Mir sinn iwwregens do net déi eenzeg. Ech mengen, och wann dat wierklech kee Grond soll sinn, fir da lues ze maachen. Mä ech mengen, mir sinn net déi eenzeg, déi Schwiereregkeeten hunn.

Mir sinn iwwregens och net déi eenzeg, déi um Niveau vun den Auditen, wat d’Sécherheet ubelaangt, do ënner Drock sinn. Och op däitsche Flughäfe sinn an deene leschte Wochen Audite gemaach ginn. Déi waren zum Deel och ganz schlecht an de Resultater, wat d’Findings ubelaangt. Mir wäerten awer net - dat kann ech awer hei soen - mar direkt den Artikel 15 géint Däitschland zéien, wa mer déi éischtbescht Geleeënheet kréien. Esou wäerte mer eis net behuelen. Mir hätten och gewënscht, dass déi Däitsch sech deemools am Dezember d’lescht Joer och net esou beholl hätten. Dat ass elo Geschicht.

Mä ech mengen, dass mer déi Zertifizéierung do schnell musse fäerdeg maachen. Ech soen, dat ass en Datum, wou ech haut en Engagement huelen, dass mer dat fäerdeg bréngen. Elo hu mer d’Gesetz. Mer kënnen dann eng ganz Rei vu Saachen och elo fäerdeg maachen, déi et der DAC erlaben, fir zesumme mat där neier Flughäfeverwaltung dann och zu deem Resultat ze kommen. An deem Sënn wëll ech der Chamber Merci soen, dass se Zäit gebraucht huet, mä dass d’Resultat sech awer weise kann.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen zum Vote iwwert de Projet de loi, dee mer elo diskutéiert hunn.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5742 ass mat 60 Stëmme eestëmmegeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Marc Spautz), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall’Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Marc Angel), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Alexandre Krieps), Paul Helmingier, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

M. Aly Jaerling.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

De Projet de loi iwwert d’Établissements classés steet als nächste Punkt op eisem Ordre du jour. Ageschriwwen sinn: den Här Schank, den Här Goerens an den Här Gira. D’Wuert huet fir d’éischt de Rapporteur, den honorabelen Här Roger Negri.



9. 5453 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

Rapport de la Commission de l’Environnement

» M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, haut stëmme mer iwwert de Projet de loi 5453 of, deen dat modifizéiert Gesetz vum 10. Juni 1999 iwwert d’Établissements classés ofännert, dat am allgemenge Sproochgebrauch als Kommodo-Inkommodo-Gesetz bezechent gött.

Fir d’éischt awer e puer Wieder zur legislativer Prozedur. Den 23. Mäerz 2005 gouf de Projet de loi vum Ëmweltminister déposiert. De 15. Juli 2005 huet de Statsrot säin Avis ofginn. D’Chambre des Employés privés,

d’Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, d’Chambre du Travail, d’Chambre de Commerce an d’Chambre des Métiers hunn hir Avisen de 25. Mäerz, den 29. Abrëll, den 20. Juni respektiv de 27. Juni 2005 ofginn.

Den 1. Juni 2006 huet d’Ëmweltkommissioun de Projet de loi an den Avis vum Statsrot analyséiert an e Rapporteur genannt. Den 20. Juni 2006 huet d’Ëmweltkommissioun eng Rei vun Amendementer proposéiert, déi de 26. Juni un de Conseil d’État geschéckt gi sinn. Dobäi sinn eng Rei vu Recommandatioune vum Statsrot aus sengem éischten Avis iwwerholl ginn, awer och e puer nei Elementer abruucht ginn, op déi ech nach spéider zrëckkommen. De 26. September 2006 huet de Statsrot säin Avis complémentaire ofginn, an och d’Chambres professionnelles hunn nach eng kéier Stellung geholl. Den 3. Mee 2007 huet d’Regierung schliesslech nach Amendementer gemaach, zu deenen de Statsrot de 6. November vun dësem Joer säin zweeten Avis complémentaire ofginn huet. De 15. November huet sech d’Ëmweltkommissioun nach eemol mam Projet de loi befaasst an den 3. Dezember de Rapport ugeholl.

Här President, dëse Projet de loi huet also, wéi Der elo héieren hutt, schonn e längere Wee hannert sech. Et ass héich Zäit, dass mir dës Prozedur haut ofschlësse kënnen. Bis Mëtt 2005 hätt d’EU-Direktiv 2003/35 a Saache Kommodo-Inkommodo missen ëmgesat ginn. Well dat bis elo net de Fall ass, goufe mer am September vun dësem Joer vum europäesche Gerichtshaff veruerteelt. De Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmme, soll dofir suergen, dass mer am Beräich vum Kommodo-Inkommodo erëm konform mam EU-Recht sinn. Et bleiwen dann nach verschidden Aspekter am Beräich Waasser ëmzesetzen am Kader vun där Direktiv.

Bei der Kommodo-Inkommodo-Ëmsetzung aus der Direktiv 2003/35 geet et ëm d’Ëmsetzung vun der sougenannter Aarhus-Konventioun, déi Lëtzebuerg de 25. Juni 1998 ënnerschrifwen huet, an déi mer hei an der Chamber den 13. Juli 2005 gestëmmt hunn. Ech erënneren drun, dass d’Aarhus-Konventioun dräi grouss Ziler verfollegt, déi derzou féiere sollen, dass d’Biergerinnen an d’Bierger sech aktiv un der Gestaltung vun der Ëmweltpolitik bedeelege kënnen.

Am éischte Volet geet et drëm de Bierger en direkten Zougang zur Informatioun am Ëmweltberäich ze ginn a si ze encouragéiere vun dësem Recht och gebrauch ze maachen. Op dës Manéier hoffen d’Signataire d’Bierger fir d’Ëmweltproblemer ze sensibiliséieren an hinne bewosst ze maachen, dass si selwer e wichtege Bäitrag zur Ëmweltpolitik leeschte kënnen.

Am Mëttelpunkt vum zweete Volet vun der Aarhus-Konventioun steet d’Participatioun vun de Bierger, wann et ëm wichteg Décisiounen geet, déi d’Ëmwelt betreffen. Bei Projeten, déi en Impakt op d’Ëmwelt hunn, sollen d’Bierger vun Ufank u mat agebonne ginn an net, wéi dat bis elo de Fall war, eréischt um Enn vun der Prozedur.

Den drëtten Volet vun der Aarhus-Konventioun gesäit vir, den Accès zur Justice am Ëmweltberäich ze erliichteren.

Här President, d’Aarhus-Konventioun ass also e wichtege Schrëtt a Saache participativer Demokratie am Ëmweltberäich mat engem optimalen Zougang zur Informatioun mat der Bedeelegung vun Ufank un um Décisiounsprozess a mam Klorecht. Dat schlësst agréiert Ëmweltorganisatioune mat an.

D’Direktiv 2003/35 ännert och zwou aner Direktiven am Sënn vun der Aarhus-Konventioun, déi de Projet de loi vun haut direkt betreffen. Dat eent ass d’Direktiv 85/337 iwwert d’Evaluatioune vum Impakt op d’Ëmwelt vu verschiddene Projeten. An dat anert ass déi sougenannten IPPC-Direktiv 96/61 (Integrated Pollution Prevention and Control). Hei gött d’Participatioun vun de Bierger an den Accès zur Justice nei geregelt am Beräich vun der Kommodo-Inkommodo-Légsliatioun.

Ech gräife konkret hei elo déi véier allerswichtigst Ëmännerungen eraus.

Als éischt ginn d’Kommodo-Inkommodo-Prozeduren exakt un dat ugepasst, wat d’EU-Recht virgesäit. Dat betrëfft virun allem d’Aart a Weis wéi d’Öffentlechkeet agebonne gött. D’Ëmweltkommissioun huet sech, wat d’Prozeduren ugeet, an deem Kader awer och erlaabt nach eng zousätzlech Ännerung iwwer en Amendement mat anzubréngen, andeems se verschidden Délaie vun de Prozeduren ännert, fir den Erfarungen aus der Praxis Rechnung ze droen. Insgesamt ginn d’Prozeduren dofir net méi laang, éischter méi kuerz. Mir hoffen, dass d’Aarbecht vun deene betreffenden Admi-

nistratiounen doduerch méi effikass kann organiséiert ginn.

Konkret ginn zwar d'Délaie fir en Dossier ze ënnersiche verduebelt, mä den Délai de décision gëtt ëm d'Halschent reduzéiert. Dat hëlleft der Ekonomie och besser ze plan-gen. Ass en Dossier duerch d'Kontrollins-tanze gelaf an dat war an der Rei, da gëtt den Investisseur a vill méi kuerzer Zäit d'Dé-cisioun gewuer, wat méi e schnellt Viru-komme vun de Projete bedeit.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Huele mer emol e konkret Beispill vun der Kommodo-Klass 1. Dat sinn déi méi gréis-ser Projeten; an deem Fall hei déi viséiert Projeten, déi net ënnert den Artikel 8 vum Kommodosgesetz falen, wou eng Risiko-Etüd fir d'Sécherheet vun de Leit ze maachen ass, déi do schaffen. Zum Beispill, loosse mer emol eng nei Bäckerei huelen ausserhalb vun enger Zone d'activité, wou méi wéi 15 Leit schaffen. Do ass den Délai haut 30 Deeg fir d'Kontrollzäit, 30 Deeg wann zousätzlech Informatiounen gefrot ginn, an 90 Deeg fir d'Décisioun ze huelen. Also 150 Deeg am Ganzen. Wa mir herno d'Gesetz gestëmmt hunn, sinn d'Délaien: 60+30+45, dat sinn 135 Deeg. Also gesamt gesinn: Méi kuerz Délaien, a mam zousätz-leche positiven Usaz, dass no der Instruk-tionszäit kuerzfristeg an annerhallwem Mount och dann d'Décisioun vum Minister kënnt.

Här President, en aneren zweete wichtege Punkt betrëfft den Zougang vun agréierten Ëmweltorganisationen zur Justice. Wann et ëm bestëmmte Projete geet, déi en Impakt op d'Ëmwelt hunn, ginn d'Kloen um Geriicht vun Ëmweltorganisationen am Moment als irrecevable erkläert, well se am Géigesaz zu direkt betroffenen Eenzelpersoune keen In-térêt personnel hunn. An der Praxis schléisse sech domat d'Ëmweltorganisa-tiounen dofir oft esou Eenzelpersounen un, fir kënnen als Partie civile opzetrieden. Dat ass fir béid Säiten net ëmmer evident, well d'Beweggrënn, fir um Geriicht aktiv ze ginn, oft wäit ausernee ginn.

Als Beispill kann een déi rezent Diskussioun ëm de POS um Flughafen nennen, dee wuelverstanen näischt mam Kommodo ze dinn huet, mä - an engem Saz gesot - wou Privatleit hiren Terrain gären an de Perime-ter hätten an d'Ëmweltverbänn géint de Ka-méidi kloen. Dës Aschränkung vum Klo-recht fir d'Ëmweltorganisation ass net kon-form mat der Aarhus-Konventioun respektiv mat der Direktiv 2003/35.

De Projet de loi hieft dës Barrière op a gesäit ausdrécklech vir, bestëmmten Orga-nisationen en Intérêt personnel zouge-stoen. Et bleift awer, an dat soll och hei ge-sot ginn, dass d'Ëmweltorganisationen do-mat nach net automatesch e sougenannten Intérêt suffisant hunn, dofir missten niewent dem Intérêt personnel nach aner Konditiou-nen erfüllt sinn. Esou muss den Intérêt direkt a legitim gesécherst sinn, also net just op en-ger vager Eventualitéit an Evaluatioun be-rouen, an den Intérêt muss och materieller oder moralescher Natur sinn. Dëst ent-sprécht dem Droit commun a bedeit, dass och an Zukunft am Fall vun enger Klo fir d'éischt gepréift gëtt, ob se recevable ass oder net.

Ënnert dem Stréch ass fir d'Ëmweltorgani-satiounen de Statut vum Intérêt personnel eng wichteg Konzessioun an eng zousätz-lech Unerkennung vum Législateur un d'Ëmweltorganisationen, an esou sollte si dat och elo emol gesinn. Do kann ee sech net einfach mat anere Länner vergläichen, well an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg den Impakt vun esou Kloe relativ gesi vill méi ee groussen Impakt kann hunn.

Här President, een drëtte Punkt, wou d'Kommodo-Inkommodo-Gesetz net am Aklang mat den EU-Normen ass, huet sech eréischt nom Dépôt vum Projet de loi gewi-sen. D'Ëmweltkommissioun huet deem mat engem Amendement Rechnung gedroen. D'EU-Kommissioun hat nämlech an engem Avis motivé vum 19. Dezember 2005 festge-stallt, dass mir net ganz konform wäire mat der Direktiv 96/61.

An dëser Direktiv gëtt et eng Dispositioun, déi seet, dass bei den Oplagen, déi fir d'Au-torisatioun vu bestëmmte Projete gemaach ginn, déi beschten disponibel Techniken oder op Franséisch «meilleures techniques possibles» mussen ugewannt ginn. Mir hunn dat an eiem Gesetz am Moment nach esou ageschränkt, dass d'Uwendung vun dësen Technike keng onverhältnisméisseg héich Käschte mat sech bréngen dierf. Dës Aschränkung ass awer der EU-Kommis-sioun no net zoulässeg. D'Ëmweltkommis-sioun huet elo, wéi gesot, der Kritik vun der EU-Kommissioun Rechnung gedroen an an engem Amendement proposéiert, déi Aschränkung ze sträichen.

Här President, als véierte Punkt vun dësem Projet de loi wëll ech drop agoen, dass dee-selwechte Punkt vun den «meilleures tech-niques», fir am Jargon ze bleiwen, nach ee-mol vun der Regierung op de Métier geholl ginn ass an iwwert de Wee vun Amende-menter nach eng zousätzlech Prezisioun erabruecht huet.

Et gëtt doranner ganz kloer erausgestallt, datt et net nëmmen ëm bescht Techniken a Bezuch op d'Ëmwelt, mä och a Bezuch op d'Gesondheet an ëm d'Sécherheet vun de Leit geet. Fir dass et net zu Konflikter zwë-schent dësen zwou Norme kënnt, huet d'Regierung festgehalen, dass, wann et drëm geet Oplage fir en Établissement classé festzeleeën, also fir eng Kommodo-Genehmegung ze ginn, als Éischt muss sé-chergestallt ginn, dass déi bescht disponi-bel Techniken, wat den Impakt op d'Ëmwelt ugeet, mussen ugewannt ginn an dass dann deene beschten Techniken, déi d'Ge-sondheet an d'Sécherheet vum Mënsch be-treffen, Rechnung gedroe gi muss.

Dëst ass eng ganz wichteg Notioun, déi an dëse Projet de loi erakënnt, well d'Gesond-heet an d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz en elementaart Recht sinn, a wat mer mat dem Gesetz vun der leschter Woch zur Neiorientéierung vun der ITM, der Inspec-tion du Travail et des Mines, och deement-sprechend op den Aarbechtsplaze konse-quent kontrolléiere mussen; an enger Zäit, wou d'Produktivitéit ëmmer méi zielt, mä d'Gesondheet vum Mënsch zielt méi. De Statsrot huet dës Amendementer guttge-heescht. Deem schléisst sech d'Ëmwelt-kommissioun gären un.

Här President, als Ofschloss wëll ech soen, dass mer mam Projet de loi 5453 eis Kom-modo-Inkommodo-Législatioun vum 10. Juni 1999 op ee moderne Stand vun haut bréngen, esou wéi en och vu Bréssel ver-laangt gëtt.

Zesummeffaassend kann ee soen, dass mir an Zukunft a Kommodosdossieren Aarhus-konform handelen, dat heescht de Public besser informéieren, Délaie reduzéieren, Ëmweltschutzorganisationen d'Klorecht kréien an dobäi déi beschtméiglechst Tech-niken asetze fir de Mënsch an d'Ëmwelt. Domat mécht dës Regierung e weidere wichtege Schrëtt an der Gestiou vun enger nohalteger Ëmweltpolitik.

Ech ginn domat den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Merci. Als éischte Riedner ass den Här Marco Schank agedroen. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Marco Schank (CSV).** - Här Presi-dent, léif Kolleeginnen a Kolleegen, duerch dëse Gesetzesprojet transposéiere mer d'Direktiv 2003/35 iwwert d'Participatioun vun der Öffentlecheet un den Décisiounen am Ëmweltberäich an dat nationaalt Recht. Dës Direktiv ännert d'Direktiv iwwert den IPPC an iwwert d'Évaluation des Incidences sur l'Environnement ëm.

Et geet, wéi gesot, haaptsächlech drëm dës zwou Direktiven, déi mer an eis Kommodo-Inkommodo-Gesetzgebung iwwerholl hunn, a Conformitéit mat der Aarhus-Konventioun ze setzen, déi mer den 13. Juli - dat ass ge-sot ginn - 2005 majoritär an der Chamber ugehall hunn. Ech brauch net nach eng kéier op déi dräi Piliere vun dëser Konven-tioun anzegoen, de Rapporteur huet dat elo virdru scho gemaach.

De Projet de loi vun haut gesäit awer nëm-men eng partiell Transpositioun vun der Di-rektiv an ergo dëse Prinzipie vir. Déi Ele-menter, déi d'Participatioun vun de Bierger un der Ausschaffung vu politesche Konze-pter, Gesetzter oder Reglementer, déi d'Ëm-welt betreffen, regele sollen, déi sollen an engem separaten Text nach behandelt ginn.

Här President, et geet also bei dësem Projet de loi drëm déi aktuell Gesetzgebung iwwert d'Établissements classés vun '99 op ganz präzise Punkten ze adaptéieren, an dozou gehéieren niewent neie prozeduralen Exigencë fir verschidde Betriber och den Accès à la justice, also d'Klorecht fir d'ONGen.

Et handelt sech hei ëm d'Ëmsetzung vum drëtten Piliere vun der Aarhus-Konventioun, déi jo d'Konditiounen vum Accès à la justice virgesäit, an do ginn ënner anerem d'Rekla-matiounen an d'Klorecht fir eenzel Per-sounen an Ëmweltverbänn geregelt.

D'ONGen haten haut schonn iwwert de Wee vu verschidde Gesetzter e gewësst Klorecht am Ëmweltberäich, fir sech Partie civile ze constituéieren, mä si konnten net géint een-zel Autorisatiounen viru Geriicht zéien. Ech si

kee Jurist, ech denken awer, datt fir d'Zu-kunft eng gutt Solutioun proposéiert gouf mat där séchergestallt gëtt, datt den ONGen hir Rechter, déi um Pabeier stinn, och an d'Realitéit ëmgemat kënne ginn.

Dëst Klorecht beschränkt sech awer nëm-men op déi Betriber, déi an der IPPC-Direk-tiv virgesi sinn an déijéineg, déi och enger Impakt-Studie ënnerleien. Dat ass dee Punkt op deen d'Chambre des Métiers an och d'Chambre de Commerce an hiren Avisen higewisen hunn.

Des Weidere gouf och vun der Geleeënheet profitéiert, fir am bestehende Gesetz ver-schidden Délaien an de Genehmegungs-prozeduren erof- respektiv eropzesetzen. Engersäits kréien d'Verwaltunge méi Zäit, fir déi eenzel Dossieren ze préiwen, op där anerer Säit gëtt den Délai de décision erof-gesat. Och gëtt d'Notioun vun den «meilleures techniques disponibles», dat ass jo och scho gesot ginn, aus dem Gesetz '99 preziséiert, dëst mam Zil déi Lëtzebuer-ger Gesetzgebung un déi europäesch Tex-ter unzepassen, a genau dës Prezisioun ware jo och den Objet vun Amendementer.

Dann ass och nach zousätzlech preziséiert ginn, datt et net nëmmen ëm bescht Techni-ken am Bezuch op d'Ëmwelt geet, mä eben och am Bezuch op d'Gesondheet respektiv op d'Sécherheet vun de Leit. Op deen De-tail brauch ech, mengen ech, net méi anze-goan, och dat huet op eng exzellent Ma-néier den honorabele Kolleeg Roger Negri schonn ausféierlech gemaach. Ech wollt him och vun dëser Plaz aus am Numm vun der CSV-Fraktioun fir säin exzellente mënd-lechen a schrëftleche Rapport Merci soen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Gesetzestext ass, do si mer eis eens, e weidere Schrëtt zu enger méi participati-ver Gesellschaft am Ëmweltberäich. Mir mussen awer weider an dës Richtung schaffen an an eiser Gesetzgebung noku-cken, wat fir eng Texter an dësem Sënn nach mussen iwwerschaaft ginn; an de Minister kann eis vläicht an deem Kontext och Opschloss ginn.

D'CSV steet op jidde Fall fir eng konsequent Ëmsetzung vun der Aarhus-Konventioun an ech wollt ganz zum Schluss och den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Schank Merci. Als nächste Riedner ass den Här Charles Goerens agedroen. Här Goe-rens, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Merci, Här President. Ech wollt och dem Rappor-teur félicitéieren. Hien huet d'Komplexitéit vun deem Projet op eng exzellent Manéier ervirgestrach.

Ech wollt just un zwou Remarquen erënne-ren, déi ech och an der Kommissioun ge-maach hu bei der Diskussioun iwwert deen dote Projet. Wa mer wëlle kohärent si mat eisen Aarbechten, da musse mer wëssen, datt nieft dem Informationsrecht vun de Leit iwwert d'Ëmweltpolitik och aner Ziler musse mat an Aklang bruecht ginn. Notam-ent dat, wat am Entfesselungsprogramm vun der Regierung zum Ausdrock komm ass. Ech wëll domat gesot an nach eng kéier rappeléiert hunn, datt d'Klorheet an de Prozeduren net onbedéngt muss laang a schwéierfällleg Prozedure bedeiten.

Ech soen dat aus zwee Grënn, éischstens well mer et hei zu Lëtzebuerg mat engem relativ ambitéise Programm vun der Regie-rung ze dinn hunn, deen och - an dat ass den zweete Grond - am Einklang mat enger Démarche vu Bréssel ass, wou ënner ane-rem de Kommissär Verheugen net midd gëtt, ëmmer dorun ze erënneren, Dir sollt d'Prozedure vereinfachen, an da ginn ëm-mer ganz grouss méiglech Economien an de Raum gestallt, déi duerch eng Vereinfachung vun de Prozedure kënnen erreecht ginn.

Mäi Wonsch ass et, datt mer an Zukunft bei all Projet, deen eng Incidence huet op d'Prozeduren, all Kéiers eng Fiche tech-nique kréie vun der Regierung, wou erkläert gëtt, wat fir Weeër gewielt goufen, fir d'Pro-zeduren op e strikte Minimum ze reduzéie-ren.

Ech weess, datt mer et hei mat der Ëmset-zung vun Direktive a vu Konventiounen ze dinn hunn, ënner anerem där vu Kiew. Dat ass awer kee Grond, fir sech net mat där Fro, déi ech elo opgeworf hunn, ze befaas-sen.

Compte tenu vun deene Remarquë wollt ech soen, datt mir dee Projet do stëmmen.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Goerens Merci. Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech enttäuschen lech vläicht ganz e bëssen, mä ech sinn net an zwou Minutte fäerdeg, well dat Gesetz hei ass net gradesou harmlos, wéi et vläicht vu verschidde Riedner duer-gestallt gëtt. Den Impact no léns an no riets, am Positiven an am Negative kann deelweis ganz substanzéiell ginn. An ech wëilt awer probéieren, dat unhand och vläicht vun e puer Beispiller hei duerstel-len.

Här President, déi Gréng hunn dat Gefill, dass dës Regierung, gradesou wéi déi vu virdrun, sech net gären an d'Kaarte kucke léisst, an dës Regierung leet och, wann iwerhaapt, nëmmen eng Kaart no där anerer op den Dësch a meeschtens nëmmen, wa se entweder vun de Gerichter, vun interna-tionale Konventiounen, vun europäeschen Direktiven oder vun der Europäescher Kom-missiou, déi gär hätt, dass mer endlech déi europäesch Direktiven ëmsetzen, dozou gezwonge gëtt.

Wann een e bëssen denkt un deen Hick-hack, deen tëscht Greenpeace an dem Mi-nister Krecké war, fir ganz banal Informa-tiounen iwwert d'Kompositioun an d'Quant-i-téit vum Stroumakaf a -verbrauch vun der Cegedel gewuer ze ginn, an un dat Trauer-spill iwwert d'Seveso-Betriber hei zu Lëtze-buerg, währenddeem an den Nopeschlän-ner all Mënsch kann iwwer Internet genee gewuer ginn, wou esou Betriber sinn a wéi eng Gefore vun deene Betriber ausginn - an et geet jo ënner anerem och bei där Direktiv dorëm, dass déi Gemengen, déi ronderëm sinn, déi Pompeescorpsen an anerer ge-nee wëssen, wat do lass ass -, da wësse mer, dass hei nach ëmmer Geheimniskrä-merei gemaach gëtt.

Greenpeace muss erëm, misst Dir lech vir-stellen, viru Geriicht goen, fir dass dann endlech den Aarbechtsminister hinnen eng Kopie schéckt vun engem Bréif un den Ëm-weltminister an den Ëmweltminister da séier dofir suert, dass zumindest op sengem Site déi Sitë vun de Seveso-Betriber sinn.

Mir hunn och dat Gefill, dass dës Regierung och net frou ass iwwert d'Participatioun an Asprochméigleckeete vu Bierger a Bierge-rinnen a scho guer net vun den ONGen.

An hei och e rezent Beispill, wat awer symp-tomatesch ass. Et geet ëm e ganz sensible Beräich, nämlech d'GSM-Antennen. An ech fannen awer jo scho bal skandaléis, wat an deem Dossier geschitt ass.

Ech wëll lech en duerfir och schilderen. D'Regierung huet viru kuerzem e Prozess vi-rum Tribunal administratif verluer, wou Leit vu Krautem geklot hu géint Zousaz-GSM-Antennen op engem ale Site, déi mam Ar-gument installéiert gi sinn, eng GSM-Antenn-ënner 2.500 Watt, do bräicht ee kee Kom-modo Klass 1, dat géif mat enger Klass 3 duergoen. Mä hei si lues a lues ëmmer méi Antennen dropgesat ginn, an dunn hunn d'Leit gesot, also misst hei elo endlech e Kommodo Klass 1 mat Asprochméigleche-keete vun de Leit an esou weider gemaach ginn. An déi Leit hu gewonnen. Zumindest an éischer Instanz.

Elo hätt jo all normale Bierger an all normal Biergerin geduecht, elo geet d'Regierung hin, leet en neien Dossier op a léisst eng Kommodo-Prozedur Klass 1 ulafen. Neen! Wat mécht d'Regierung?

Während dem August, Här President, geet den Ëmweltminister hin a changéiert de Ré-glement grand-ducal iwwert déi Betriber, déi ënnert de Kommodo falen an tässelt - Dir kënnt et net gleewen! - sämtlech GSM-Antennen an d'Klass 3. Ech weess guer net, ob d'Kolleegen an d'Kolleeginne sech hei bewusst sinn, dass zënter dem August fir keng GSM-Antenn méi e Kommodo Klass 1 brauch gemaach ze ginn.

Mir fannen als Gréng, datt dat wierklech skandaléis ass, wat d'Form ubelaangt, mä och wat de Fong ubelaangt, an engem Mo-moment, wou net nëmme Leit wéi eise Muck Huss viru wierklech gravé Konsequenze warnen, wat déi ganz GSM-Technik ugeet, mä wou eng europäesch Ëmweltagentur och fir d'éischt Klacke laut a seet: Passt op, maacht net egal wat.

An esou engem Moment, Här President, gi mir während der Sommervakanz sämtlech GSM-Antennen an d'Klass 3 tässelen, dass

kee Mënsch méi, keng privat Persoun méi, kee Schafferot méi kann iergendeppes ënnerhuelen, ausser ganz zum Schluss vun der Prozedur, wa se am Reider hänkt, kann een nach oder muss een direkt op d'Gericht goen. Mir fannen dat do méi wéi en Detail. Mir fannen dat do onerklärlech, muss ech soen, an ech wier ganz frou, wann den Ëmweltminister eis awer wirklech eng Erklärung fir déi dote Saach kéint ginn.

Mä ech mengen, dat ass einfach symptomatesch fir d'Mentalitéit, wéi se op Regierungsniveau leeft, an ech mengen, dat weist och d'Mësstrauen, wat ee spiert bei gewësen Diskussiounen.

Mir hunn dëslescht parallel zu dëse Gesetz ugefaange mat där europäescher Direktiv, wou mer alt schonn erëm hannendra sinn - ech mengen och, dat ass keen Zufall -, iwwer Plans et programmes, wou och missten Études d'évaluation gemaach ginn. An do huet ee förmlech d'Mësstraue gespuert, an ech schwätzen do emol net vum Ëmweltminister, mä do spiert een awer, dass an där ganzer Regierung all déi Prozeduren nëmme just als lästeg Bäiwierk gesi ginn, dat d'Prozedure verlängert an de Leit d'Méiglechkeet gëtt, alt och nach Asproch ze maachen.

An, Här President, well mer der Meinung sinn, dass och dëst Gesetz awer vun deemselwechte Geescht gepräegt ass, fir datt wirklech dat Matsproocherecht, och d'Recht op d'Gericht ze goe besonnesch vun den ONGen ëmmer nëmmen esou séier erweidert ginn, wéi mer einfach gezwonge gi vun internationalen Instanzen. Well deen do Geescht och dëst Gesetz präegt, wäerte mir eis bei dësem Gesetz enthalen. Et ass nämlech net esou, wéi hei duergestallt ginn ass, wéi wann dat do eng grouss Ouverture fir d'ONGe wär. Neen, et ass nach näischt geschitt.

Och an Zukunft, Här Negri, wäert de Mouvement écologique léiwer besser sech nach privat Leit fannen, déi en Intérêt direct hunn, well se soss riskéieren direkt erausgehale ze ginn.

Wéi wichteg dëst Gesetz ass - net duerfir wonnert et mech och, dass elo net méi driiwer diskutéiert ginn ass -, dat gesäit een do run, dass et schonn zitéiert gëtt de Moment virum Tribunal administratif an deem ganze Konflikt zum Findel, obwuel et nach net a Kraaft ass.

A wat eigentlech d'Regierung mengt, do kann ech vläicht zitéieren aus engem Mémoire en rubrique vum Vertrieeder vun der Regierung, dee féinnt, eng Ëmweltorganisation - ech wëll se net nennen -, déi hätt iwwerhaupt keen Intérêt, well hiren Asaz fir d'Ëmwelt vill ze vill generell wier, do stéing net dran, dass si sech asetze géif géint de Kaméidi um Findel.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dat ass d'Astellung vun dëser Regierung, Här President. Do gëtt mat alle juristesche Spëtzfënnegkeete probéiert, fir dass deen Asproch iwwerhaupt net zustane kënnt.

An ech fannen et dann net richtig, wann hei gemaach gëtt, wéi wann dat hei eng grouss Avancée wier. Neen, och an Zukunft wéi gesot muss praktesch all ONG nach privat Persoune fänke goen, fir dass se iwwerhaupt eng Chance huet, déi Matcher viru Gericht ze maachen.

Dat ass wirklech am Ausland net esou. Ech wëll dorun erënneren, dass a Frankräich zum Beispill d'ONGe vill méi wäit reichend Rechter hunn, an et kann een net soen, dass doduerch a Frankräich d'Décisiounen manner séier geholl ginn; am Géigendeel heiansdo.

Dass och dëst net onschëlleg geschitt, dat versteet een, wann een d'Avisé vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers liest. Déi hätte genau gären dat do fir d'Wirtschaftskreesser, deenen ass dat do nach ëmmer en Dar am A. Esou ass et jo och hei. Et ass net esou, wéi probéiert ginn ass duerstellen, wéi wann elo d'ONGe bäi sämtleche Kommodosgenemegung keinten en Asprochrecht wouermaachen; neen, dat gëllt nëmme fir déi ganz Ausnahmefäll vun deene Betriber, déi ënnert d'IPCCs-Direktiv falen an eng gewëssen Annex, dat sinn déi seelenst hei am Land.

Duerfir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Enthalung. Mir verstinn och nach ëmmer net, wéisou dass d'Regierung net agesäit, dass déi ganz Prozedure jo net gemaach si just fir Prozeduren opzehalen oder de Leit an den ONGen d'Méiglechkeet ze ginn, Obstruktioun ze maachen. Et geet ganz einfach drëm, d'Avisen, d'Meenungen, mä awer och den Know-how vun den ONGen an och vu private Leit anzebannen.

Mir als Gréng sinn der Meinung, dass d'Problemer, besonnesch d'Ëmweltproblemer um Ufank vum 21. Jorhonnert vill ze vill komplex sinn, fir se enger Rei Politiker a Politikerinnen an enger Rei Technokraten ze iwwerloossen. Mir kommen eréischt virun, dovu si mir fundamental iwwerzeegt, wa mer vun Ufank un d'Transparenz spille loos sen, wa mer d'Dossieren op den Dësch leeën a wa mer mat Zäit d'Avisé vu lénks a riets anhuelen, wa mer Leit och matschwätze loos sen a wa mer hinnen awer och d'Recht ginn, e Klorecht am wäiteste Sënn op allen Niveauen ze kréien.

Ech ginn lech zwee Beispiller, déi ganz oft geholl ginn, fir ze soen: Gesitt Der, wa mer d'Leit kloer loos sen, da lande mer beim Enkpass zu Helleng a mer lande bei enger Nidderlag no där anerem um Findel. Abee, Här President, ech wëll genau déi do Beispiller huelen, fir de Géigendeel ze beweisen!

Wier an deenen zwee Dossieren do den Ëmweltorganisationen nogelauschert ginn, hätt d'Regierung als Ganzt sech un europäesch Direktive gehalen, se emol fir d'éischt ëmgesat an och applizéiert, da stéinge mer haut net esou do, wéi mer dostinn! Här President, wa mer zu Helleng nach ëmmer e Stéck Autobunn net hunn, dann ass dat net deene Propriétaires hir Schold, mä et ass ganz kloer dem fréiere Minister Robert Goebbels seng Schold,...

» Plusieurs voix. - Oh! Ah!

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - ...deen alles gemaach huet, fir d'Impaktsdiendirektiv an nofolgend Direktiven net ëmzesetzen. Dee gemengt huet, hie kéint mam Kapp duerch d'Wand goen an d'Leit fir domm verkaufen. Do huet en emol eng Kéier säi Meeschter fonnt.

Mä et ass net fir haut, Här President, mam Fanger op déi Propriétaires vun Helleng ze weisen. Deen zur Responsabilitéit misst gezu ginn,...

(Interruption)

...dat ass wirklech dee fréiere Minister, deen d'Lëtzeburger Land an deem Dossier vill kascht.

(Brouhaha)

An datselwecht, Här President, gëllt och am Dossier Findel.

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

Mir hate jo eng ganz instruktiv Sitzung mam Landesplanungsminister iwwert d'Uerteel zum POS. An déi Kolleegen Deputéierten, déi do waren, déi sinn erausgaangen an hu wirklech, mengen ech, alleguerten unanime gesot: Wat een hei feststellt, dat ass, dass dee Stat net gewinnt ass, op héchstem Niveau sech ze koordinéiere bei engem komplizéierten Dossier an ze kucken derduerchzekommen!

Dat war wirklech dat beschte Beispill fir ze weisen, dass all Ministère a Verwaltung an hirem Eck sécherlech keng schlecht Aarbecht mécht a kuckt iergendwéi an deem Dossier derduerchzekommen, mä dass awer néierewou derfir gesuergt gëtt, dass eng Kéier op héchstem Niveau den Dossier als Ganzt gekuckt gëtt, sech eng eenhelleg Meinung gemaach gëtt, an dass dann all Verwaltung enger där anerer zouschafft a kuckt, dass mer duerch de Bësch kommen.

Ech mengen och haut, wann do schonn déi viregt Regierung, awer och déi hei, dem Mouvement écologique nogelauschert hätt an den Dossier Findel ee fir allemol esou ficeléiert hätt, dass e sämtlechen europäeschen Direktiven, sämtlechen nationale Gesetzgebunge mat allen aktualiséierten Demanden, déi vun do aus kommen, entsprach hätt an dann op de Wee ginn hätt, da sinn ech mer relativ sécher, dass mer méi wäit wären, an da wären net permanent Bruchlandungen douewen um Findel néideg.

Och do wëll ech nach eng Kéier soen, dass et net de Leit an den ONGen hir Schold ass, mä dass et wirklech dat onkohärent an defensiivt Virgoe vun där viregter Regierung - mir hunn dat Gefill -, mä leider och vun dëser ass.

Duerfir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an eisen Aen ass déi bescht Method fir an Zukunft um Findel oder soss esou Bruchlandungen ze vermeiden, wann ee vun Ufank un d'Transparenz spille léisst,

wann een d'Participatioun praktizéiert a wann een d'Kompetenz an den Know-how vun de Leit an den ONGen esou wäit wéi méiglech valoriséiert.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Gira. Zum Ofschloss vun der Debatt huet den zoustänneg Minister, den Här Lucien Lux, d'Wuert.

» M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e puer kuerz Kommentare vu menger Säit. Engersäits fir der Kommissioun an och dem Président-rapporteur Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi virun allem duerch dee leschten Amendement iwwert d'Techniques disponibles, déi mer hunn am Beräich vun den Aarbechtskonditiounen, relativ laang gedauert huet. Soss hätte mer ëm déiselwecht Zäit d'lescht Joer dee Gesetzestext kënne stëmmen, well a sech ware mer an der Kommissioun du fäerdeg. Mir hunn e Joer gewaart, bis mer deen Amendement dann och nach iwwert d'Bühn haten.

Ech mengen, dass een am Kommodosberäich - de Kolleeg Charles Goerens huet dat gesot - eng ganz Rei vu Facettë muss gesinn. Mir hunn elo vill geschwat iwwert den Intérêt vun den ONGen. Et geet och ëm den Intérêt vun deenen, déi investéieren, vun deenen, déi als Betriber och Autorisatiounen brauchen.

Et geet och ëm Délaïen. Hei hu mer eng Verbesserung gemaach, well mer einfach der Praxis och e bëssen nogelauschert hunn an derfir gesuergt hunn, dass mer am Ufank e bësse méi Zäit hunn, fir d'Dossieren uerdentlech ze ficeléieren an dann d'Décisioun méi schnell kënne huelen.

Ech mengen, dass mer och an den Délaïen - ech hat viru kuerzem op eng Question parlementaire vun Kolleeg Camille Gira geäntwert - mat 70% d'lescht Joer nach net do sinn, wou ee misst sinn, mä ech mengen, dass mer awer konstant an deene leschte Joren eng Zäit souguer ënner 50% louchen, dass mer do awer elo relativ gutt sinn. D'nächst Joer wäerte mer am Service vum Kommodo-Inkommodo e weideren Ingenieur astellen, wat wäert erlaben, dass mer nach weiderkommen a mat deenen Ännerungen, déi mer hei hunn, dann och nach e Punkt kënne setzen.

Mir hunn 1.000 Dossieren d'Joer ze traitéieren. Si ginn och ëmmer méi komplizéiert a komplex. Deementspriedend ass et net ëmmer einfach, déi Délaïen do ze halen, mä et muss den Usporn si vun der Regierung a vun hire Servicer a Verwaltungen, dat ze maachen.

Et ass elo vill iwwert d'Klorecht geschwat ginn. Ech ënnerschiiden total dat, wat hei vun deene meeschte gesot ginn ass. Ech gehéieren net zu deenen, déi d'Gefill hunn, dass Prozeduren eppes Lästeges sinn. Ech gehéieren och net zu deenen, déi d'Kaarten nëmmen op den Dësch leeën, wann ech vun iergendengem dozou gezwonge ginn. Ech mengen, dass een dee Virwurf wirklech am Ëmweltberäich an am Ëmweltministère net kann oprechterhalen!

Et ass sécherlech e bëssen an de Käpp vu villen am politesche Raum ëmmer dat, dass déi Direktiven an déi Prozeduren dozou féieren, dass alles méi laang dauert. Dass et lästeg ass, dass et d'Bürokratie nach weider an d'Luucht dreift, dat ass richtig, an ech mengen, dogéint muss een och ukommen.

Et ass och esou, Här Gira, dass eng ganz Rei vu Saachen effektiv laang daueren. Mat där Direktiv 97/11, déi mer ëmgesat hunn, mat där vun de Plans et programmes, déi derbäikënn, musse mer wirklech derfir suergen - an ech mengen, dat ass d'Gratwanderung -, dass mer awer och esou ausstafféiert sinn an de Verwaltungen, dass et och virugeet, dass mer eis wirklech ëm den Inhalt këmmen, ëm de Fong këmmen, an dass et net effektiv dozou féiert, dass ee jorelaang duerch Prozedure muss goen an esou virun, well dat effektiv och fir d'Kompetitivitéit net nëmmen am Beräich vun de privaten Investoren, mä och am Beräich vun de staatlechen Investitiounen schlecht ass.

Wann ech mech elo mam Transportminister géif ënnerrhalen iwwert d'Fro, wéi schnell komme mer weider fir Eisebunnstrecken ze realiséieren, dann ass dat do deeselwechte Problem. Duerfir plädéieren ech derfir, fir Prozeduren, déi mer hunn, anzehalen, fir d'Participatioun vum Public esou grouss wéi méiglech ze maachen. Do ënnerschiiden ech dat, wat de Camille Gira hei gesot huet, dass een ëmmer ze gewonnen huet, wann een transparent an oppe mat de Leit fiert, wann een hinnen esou vill wéi méiglech Informatiounen gëtt an dann awer kuckt virun-

zekommen, dass d'Décisiounen dann awer och schnell kënne ëmgesat ginn.

Ech hunn net wëlles, elo zu lafende Prozedure Kommentaren ze maachen, déi hei vu mengem Virriedner gesot gi sinn. Beim GSM hunn ech éischter d'Gefill, dass et hei drëm gaangen ass, prozedural Vereinfachungen ze maachen an dass dat wirklech keng Konzessioun ass un den Ëmweltberäich, dee mer hei gaange sinn. Beim POS vum Findel muss ech soen, et muss een awer d'Uerteel, wat hei geholl ginn ass, wat dobaussen duergestallt ginn ass, als e groussen Erfolleg vun der Bekämpfung vun dem Kaméidi.

Et muss een awer kucken, dass beim Uerteel beim POS do d'Gericht de Leit Recht ginn huet, déi mat hire privaten Terraine méi no bei de Findel wëllte baue wéi de Stat dat wollt. Hei ass et awer wirklech e bëssen ëmgedréint. Dat heescht, hei huet de Stat d'Schutzzon méi grouss gemaach. A wien huet um Gericht gewonnen? Déi Leit mat hiren Terrainen. Dat ass hiert legitiimt Recht. Ech stellen dat net a Fro. Déi si legitim op d'Gericht gaangen, fir aus Terrainen, wou de Stat gär gehat hätt, dass et Zones de protection solle sinn. Si hu gewonnen a si kréien elo Recht, dass se dohinner kënne mat hiren Haiser méi no bei de Findel baue kommen.

Et muss een awer och d'Saachen emol eng Kéier an dësem Stat esou soe wéi se sinn.

(Interruption)

Dass dat dobaussen higestallt ginn ass an esou viru wéi wann elo de Problem vum Kaméidi gewonnen huet. Dat gehéiert zu de lëtzebuergesche Gewunnechten, dass mer dat esou kënne maachen. Mä wa keen nofreet, da wëll ech hei awer eng Kéier soen, dass dat d'Uerteel beim POS war.

Och um Niveau vum Kommodo wëll ech soen, Här Gira: Ech ginn net midd an deem Dossier vum Kommodo no baussen ze soen, dass ech all Kéier dobausse virgeworf kréien, déi Kommodosdécisioun, déi ech geholl hunn am Mäerz vum Findel, géif de Kaméidi an der Luucht net behandeln. Ech ginn net midd kloer ze maachen, dass de Kommodo effektiv an definitiv nëmmen de Kaméidi um Buedem traitéiert, an dass de Kaméidi an der Luucht vun deenen Direktiven, déi mer endlech 2005 hei ëmgesat hunn, do behandelt gëtt.

Dat kann een awer hei am Land 47-mol soen. Et féinnt sech nach 47-mol een, dee seet: Wou kann deen Ëmweltminister dann esou blann sinn, dass hien nëmme beim Kommodo de Kaméidi um Buedem kuckt, an net deen an der Luucht? Ech wëll also hei fir d'48. Kéier profitéiere vun der Geleeënheet, fir ze soen, dass dat nun eemol d'Regele sinn, an dass een als Minister sech mat deene legalen Instrumenter muss befassen. Beim Kommodo sinn et déi, an an den Direktive vum Kaméidi, déi mer hei ëmgesat hunn, sinn et anerer.

Ech mengen, dass et eng gutt Geleeënheet ass dat nach eng Kéier hei ze soen. Dofir mengen ech, dass een an de Käpp vun eis alleguer - an do sinn ech mam Camille Gira d'accord - soll ophalen ze soen: D'Prozeduren, déi mer eis ginn, si lästeg an déngen nëmmen dozou, fir d'Saachen an d'Längt ze dreiwen. Dat ënnerschiiden ech, mä loosse mer awer och derfir suergen, dass mer eis wirklech dann och ëm de prezise Punkt këmmen an esou kommentéieren, wéi en och wirklech ze kommentéieren ass, an da mat deem neien Instrument hei derfir suergen; wou mer jo awer méi wäit ginn. Dat hutt Der och gesot. Ech mengen, mir profitéiere jo hei dovunner, fir awer och den ONGe méi Méiglechkeeten ze ginn, wéi dat bis elo de Fall ass. Loosse mer déi also notzen, fir derfir ze suergen, dass mer déi Participatioun och um Gericht kënne besser maachen.

» Une voix. - Très bien.

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Den Här Gira huet nach eng Zousazfro.

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Just zwou Prezisiounen. Also nach eng Kéier: Ech bleiwe bei menger Meinung, dass wann ee sämtlech GSM-Antennen total aus der Klass 1 eraushëlt an an d'Klass 3 setzt, wou just matgedeelt gëtt, an dann als eenzeg Asprochméiglechkeet nach just d'Gerichter bliewen, souwuel fir d'Gemenge wéi fir d'Bierger an d'Biergerinnen, da fannen ech dat keen Detail vun enger Lëscht, da fannen ech dat eng substanziiel Minderung vun de Matsproocherechter. Ech si bal iwwerzeegt, wann ech kucke wéi grouss den Drock vun den Opérateuren ass, dass dat net onschëlleg ass, dass dat doten esou geschitt ass.

Déi zweet Saach: Wann ech d'Uerteel vum POS richtig interpretéieren, ass de Fong nach guer net decidéiert. D'Regierung huet

an éischter Instanz verluer, well hiren Dossier net komplett war an deem Sënn, dass Der Är Zonen, wou net méi däerf gebaut ginn, baséiert hutt op Dokumenter, déi net am Dossier waren. Vill méi huet d'Gericht de Moment net gesot. De Rescht gesi mer dann an zweeter Instanz. Ech mengen net, dass gesot ginn ass, déi Leit däerfte méi no baue wéi virdrun.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gira.

Léif Kolleeгинnen a Kollegen, mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5453 ass ugehall mat 53 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Francoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Marc Angel), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Claude Meisch), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen, Léif Kolleeгинnen a Kollegen, zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi concernant la protection de la nature et des ressources naturelles an d'Protection des oiseaux. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deem Projet de loi. Dat ass och den honorabelen Här Roger Negri.

10. 5732 - Projet de loi

1. modifiant la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles;

2. abrogeant la loi du 24 février 1928 concernant la protection des oiseaux

Rapport de la Commission de l'Environnement

» **M. Roger Negri** (*LSAP*), *rapporteur.*- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 5732 geet et drëm eist Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004 op den neiste Stand ëmzeänneren, esou wéi d'EU-Recht et am Beräich vum Naturschutz virschreift. Effektiv gouf Lëtzebuerg verklot, well senger Zäit am Gesetz vum 19. Januar 2004 vun der Regierung virdrun zwou Direktiven am Naturschutzberäich net vollständneg ëmgesat gi sinn. Et handelt sech ëm d'Direktiven 79/409 an 92/43. Do derniewent gëtt mam Gesetz 5732 vun haut am Kader vun der Upassung un d'1994er Naturschutzgesetz och nach d'Gesetz vum 24. Februar vun 1928 ofgeschaaft, wou et ëm de Vullschutz gaangen ass.

Här President, déi zwou Direktiven: engersäits d'Direktiv 92/43, do handelt et sech ëm déi sougenannten Habitat-Direktiv, déi sech ëm d'Erhale vun den natierleche Liewensraim, der Fauna an der Flora këmmert; an anerersäits d'Direktiv 79/409, déi de

Schutz vun de wëll an der Natur liewende Vulle betrëfft. De Projet de loi gouf den 13. Juni 2007 déposéiert.

De 7. November krut d'Chamber en neien Texte coordonné vun der Regierung virgeluecht, deen de Remarquë vum Statsrot vum 13. Juli 2007 zum gréissten Deel Rechnung dréit. Dësen Texte coordonné gouf den 20. November 2007 ersat duerch nei Regierungsamendementer. De 4. Dezember huet de Conseil d'État säin Avis complémentaire ofginn. D'Ëmweltkommissioun huet de Projet de loi, den Avis vum Statsrot an d'Amendementer mam neien Texte coordonné vun der Regierung a senger Réunioun den 3. Dezember am Detail gekuckt. Den 11. Dezember ass den Avis complémentaire vum Statsrot analyséiert ginn.

De Statsrot, deen a sengen zwee Avisen virun allem Remarquë gemach huet, déi éischter technescher Natur waren, hat a sengem Avis complémentaire nach dräi Emännerunge vu Formuléierunge proposéiert, déi d'Ëmweltkommissioun och ugehall huet. Well eis Législatioun net konform mat deenen zwou Direktiven ass, krute mir vun der EU-Kommissioun zweemol en Avis motivé, deen eis uschlëssend um europäesche Gerichtshaff verklot huet a freet, dass Lëtzebuerg sanctionnéiert gëtt.

Fir deem entgéintzewierken, ass et also dréngend, dass mir d'Ännerungen, déi dëse Gesetzesprojet virgesäit, elo ëmsetzen. D'Emännerungen, déi ze maache sinn, betreffen d'Problematik, dass de Schutz vun de Liewensraim, d'Planzen, wëllliewende Vullen an aneren Déieren zu Lëtzebuerg iwwer verschidde Gesetzestexter geregelt ass, déi zum Deel op 1928 zrëckginn an den Direktiven och op e puer Punkte widerspriechen.

Eng Rei vun deene Problemer goufen entretemps geléist, notamtent iwwer véier Règlements grand-ducaux, déi am Summer a Kraaft getruede sinn. Esou gouf den 1. August 2007 e Règlement abrogéiert, dat et bis dohinner erlaabt huet zu jiddfer Zäit d'Staren - op Franséisch Étourneaux - ze déciméieren, wat am Widdersproch zur Vulleschutzdirektiv ass. Gläichzäiteg gouf e Règlement grand-ducal vum 10. Mäerz 1959 geännert, wat ënnert dem Begrëff «Animaux nuisibles» d'Vernichtung vum Iltis - op Franséisch Putois - a vum Marder - Martre - erlaabt, contrairement zu deem, wat d'Habitat-Direktiv virgesäit, a wat iwwerdeems net am Aklang stoung mam Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004.

Ofgeännert gouf och de Règlement grand-ducal vum 8. Abrëll 1986, deen de vollständeg respektiv den deelweise Schutz vu bestëmmte wëllen Déiere festsetzt. Esou wéi et d'Habitat-Direktiv virgesäit, gouf elo och de Bibber - Castor - zu Lëtzebuerg op d'Lëscht vun deenen Déiere gesat, déi streng geschützt sinn.

A schliesslech dréit d'Règlement vum 11. Juli 2007, iwwert d'Ouverture vun der Juegd, der Vulleschutzdirektiv Rechnung, andeem en neie Passus drakomm ass, deen den Handel mat verschiddene Vullen, déi als Wëld ugesi ginn, streng verbitt.

Här President, doriwwer eraus bleiwen awer och nach e puer gesetzlech Ännerungen ze maachen, déi mir iwwert de Wee vun enger Rei vu Modifikatiounen am Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2004 maachen. Zum Deel ginn e puer Definitiounen esou iwwerholl, wéi se och an där betreffender Direktiv drastinn. Zum Deel ginn e puer Artikeléi méi prezis formuléiert. Un d'Habitat-Direktiv ugepasst ginn ënner anerem d'Bestëmmunge fir d'Impaktstudie an d'Konsequenzen doraus, am Fall wou e Plang oder e Projet an enger Naturschutzzon respektiv an enger Zone verte soll realiséiert ginn.

Am Artikel 12 vum 2004er Naturschutzgesetz ginn d'Dispositiounen vun der Evaluatioun am Beräich vun de Sitë vun Natura 2000 definéiert, wou déi entspreichend Mesures compensatoires der Europäescher Kommissioun musse matgedeelt ginn.

Des Weidere kann eng Realisatioun an deenen Naturschutzzonen, déi aus Considératiounen vum Intérêt majeur vum Mënsch an aus öffentleche Sécherheetsgrënn imperativ néideg ass, nëmme realiséiert ginn, nodeems d'Europäesch Kommissioun hiren Avis dozou ofginn huet.

Am Kloertext heescht dat, dass eng Infrastruktur wéi zum Beispill eng Strooss net duerch eng Habitat-Zon ka gebaut ginn, ausser wann déi grad genannte Considératiounen kënnen argumentéiert an dann och vun der Europäescher Kommissioun akzeptéiert ginn. Mir kennen all esou Projeten, déi vläicht haut net méi géifen duerchgoen.

Am Artikel 20 vum Naturschutzgesetz gëtt och festgehale, dass déi integral geschützten Déieren net dierfen op iergendeng Manéier dérangéiert ginn, egal a wat fir

engem Liewensstadium se sech befannen. Dobäi bezitt sech dëst op déi verschidden Déieren, déi an der Annex 6 vum Naturschutzgesetz stinn a besonnesch rar a schützenswäert sinn.

Wéi am Artikel 22 vum Naturschutzgesetz gesot ass, ass et ganz wichteg, hei e Monitoring ze maachen, fir bei verschidden Type vun Déieren opgrond vun hirer Evolutioun séier kënnen ze reagéieren.

Den Artikel 33 vum Naturschutzgesetz gëtt geännert an deem Sënn, dass zu deene ganz besonnesche Mesuren, déi ënnert d'Biotope falen aus den Artikeléi 16 bis 23 vum 2004er Gesetz, de Minister Derogatiounen ka ginn op Avis préalable vun der Forstverwaltung, ënner ganz restriktive Kritären.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Den Artikel 34 vum Naturschutzgesetz seet, dass déi zrëckbehalen Habitat-Zone vun Natura 2000 an engem Zäitraum vu sechs Joer als Zone spéciale de conservation iwwer Règlement grand-ducal festzeleeë sinn.

All déi elo genannten Emännerunge sinn an engem eenzegen Artikel hei vun deem Projet de loi vun haut de Mëtteg zesummegefaasst. Iwwert den Artikel 2 vum Projet de loi vun haut gëtt d'Vulleschutzgesetz vum 24. Februar 1928 komplett abrogéiert, well et weder konform ass mat der EU-Gesetzgebung nach och mat eiser neier Legislatioun am Beräich vum Ëmweltschutz.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. Roger Negri** (*LSAP*), *rapporteur.*- Här President, mir haten an der Ëmweltkommissioun eng länger Diskussioun, wat d'Biotope betrëfft, iwwert den Artikel 17 vum Naturschutzgesetz, dee jo schonn zu ganz groussen an heftegen Diskussiounen gefouert huet. Mir hunn am Kader vun der Emännerung vum Gesetz vun deem Artikel eis och an der Ëmweltkommissioun doriwwer beroden, a sinn zu der Iwwerzeegung komm, dass dee bestehende Règlement type méi pragmatesch an domat besser ass, dee jo am Konsens opgestallt ginn ass mat den Acteuren, souwuel vun der Forstverwaltung, den Naturschutzorganisatiounen awer och deene Leit, déi et um Terrain ëmsetzen: den Naturschutzsyndikater a virun allem de Baueren, well ouni d'Ënnerstützung vun de Baueren en effikassen an nohaltegen Naturschutz net méiglech ass.

An domat ware mer der Meenung, dass dëst flexibelt, liewegt Dokument net an de Projet de loi anzeschreiwen ass, well mer doduerch méi eng grouss Flexibilitéit behalen, fir op bestëmmte Situatiounen oder Mësstänn, déi sech astellen, direkt reagéieren ze kënnen. Dobäi soll ausserhalb vum Bauperimeter e Kadaster vun de Biotopen opgestallt ginn duerch extern Büroen, an innerhalb vum Perimeter soll déi ganz Problematik vun der Forstverwaltung géréiert ginn.

Här President, domadder wëll ech ganz séier dann den Accord gi vu menger Fraktioun zu deemem Projet de loi, deen eist Naturschutzgesetz a Konformitéit zum europäesche Gesetz a Recht setzt, an ech si frou, dass mir an der Ëmweltkommissioun esou séier konnte schaffen a reagéieren, fir domat hoffentlech ze hëllefen, dass de Lëtzebuurger Stat keng Geldstrof ze bezuele brauch.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Jean-Paul Schaaf.

Discussion générale

» **M. Jean-Paul Schaaf** (*CSV*).- Här President, léif Kolleeгинnen a Kollegen, erlaabt mer fir d'éischt dem Rapporteur, dem Roger Negri, vun dëser Plaz aus Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi hien hat, fir dëse Rapport souwuel schrëftlech wéi mëndlech hei ze maachen an an allem Detail hei virzedroen, an dat erlaabt mer elo och, méi kuerz ze sinn.

Dee Projet huet jo als Objet, d'Naturschutzgesetz aus dem Joer 2004 op verschidde Punkten ze vervollstännegen an d'Gesetz iwwert de Vullenschutz vum 24. Februar 1928, also kuerz viru sengem 80. Gebuertsdag, ze abrogéieren. Haaptsächlech geet et ëm d'Transpositioun vun zwou Direktiven, weinst deene mer jo da scho vun der Europäescher Kommissioun ugesicht gi weinst non-conformité de la législation nationale à la directive, also wou mer och schonn eng Mise en demeure kritt hunn. Et ass jo engersäits déi Habitat-Direktiv, déi imposéiert eben de Memberstate vun der Europäescher Unioun, sech op nationalem Plang fir d'Erhale vun den natierleche Liewensraim

vun de wëllliewenden Déieren a Planzen ze verflichten. An dann op där anerer Säit déi zweet Direktiv, déi sech ëm d'Erhale vun de wëllliewende Vigel an eisem Land këmmert.

Et ass indispensabel, an de Rapporteur huet et gesot, datt mer eist nationaalt Recht esou upassen, dass déi Direktive komplett ëmgesat sinn, fir dass mer a Saachen Naturschutz iwwer eng uniform an effikass Législatioun verfügen. Duerfir eben eng Rei vu Punkten, déi an der bestehender Gesetzgebung preziséiert respektiv ofgeännert ginn, esou zum Beispill iwwert d'Gesetz vum Vullenschutz vun 1928, wou eben och verschidden Dispositiounen souguer a Kontradiktioun mat der Direktiv stoungen. Dat heescht, dat aalt Vulleschutzgesetz gëtt dofir an Aklang mam Naturschutzgesetz bruecht a gëtt och an datselwecht integréiert. Domat kritt ee méi e klore juristesche Kader, deen eben eng Rei Onsécherheeten, déi opgeworf goufen an der Vergaangenheet, dann och kann ausmäerzen.

Här President, ech begréissen awer och, dass d'Regierung net op de Vote vun deemem Text gewaart huet, fir am Virfeld awer schonn eng Rei groussherzoglech Reglementer ëmzeänneren a se esou eben an Aklang ze brénge mat den Ufuerderungen, ëm déi et eis haut geet.

De Roger Negri huet schonn hei vun den Animaux malfaisants nuisibles, vum Iltis, Marder - och de Biber kann een do bäifügen - geschwat. Ech ginn also doriwwer ewech. Déi eenzel Modifikatiounen sinn also wéi gesot erklärt ginn. Och d'Emännerunge vum Artikel 33, deen eben d'Derogatiounen fixéiert, déi de Minister ka ginn.

Nei ass dobäi, dass en dat no engem Avis mécht - engem positiven Avis, misst ee jo da soen -, deen an d'Richtung vun der Derogatioun positiv aviséiert, vun der Administration des Eaux et Forêts, wat, mengen ech, ebe gutt ass, fir dass kloer ass, dass d'Objektiver vum Gesetz dann och ëmmer respektéiert ginn an deene Rechnung gedroe ka ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, eben zu Lëtzebuerg kënnen mer jo och feststelle wéi an aneren Deeler vun Europa, datt ëmmer méi Planzen an Déiere riskéieren ze verschwanen oder datt se och schonn deelweis definitiv verschwonne sinn. Duerfir ass eben eng komplett Ëmsetzung vun dësen Direktiven esou wichteg fir d'Erhalung vun der Déieren- a Planzewelt.

Insgesamt wëll ech zum Schluss soen, dass mer mat deemem Gesetz den Naturschutz zu Lëtzebuerg weider stäerken. Et gëtt ze vill dacks an der Öffentlechkeet duergestallt, wéi wann den Naturschutz en Hindernis fir eng kohärent Entwécklung vun eisem Land an och vun eise Projekte géif duerstellen. Et geet hei bei deemem Gesetz net dorëm, dat eent iwwert dat anert ze stellen. An deem Naturschutzgesetz ass de seriöen Effort dran, d'Naturschutzinteressen, déi jo och am Interesse vun eis all sinn, an Aklang ze brénge mat deenen aneren Interessen, déi mer hunn; deenen, fir Entwécklungsprojete vun eisem Land virunzebréngen.

Duerfir kann ech och mat guddem Gewëssen den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deemem Projet de loi an zu dëser spéider Stonn hei ginn.

» **Plusieurs voix.** - Très bien! Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Schaaf. Den honorabelen Här Goerens huet als nächste Riedner d'Wuert.

» **M. Charles Goerens** (*DP*).- Här President, ech sinn net ëmmer d'accord mat der CSV, mä ech kann awer hirem Spriecher seng Konkusioun deelen. Mir sinn och bereet, dee Projet hei matzedroen aus deene Grënn, déi hien an de Rapporteur erklärt hunn. Et geet hei dorëm, fir sech en concordance mat dem europäesche Recht ze setzen. Mir hunn do scho Warnschëss vu Bréissel matkritt.

An ech wollt just zum Schluss eng Fro stellen, well mer jo ëmmer eis Aarbechte wëllen an enger Kohärenz situéieren. Hei geet et jo och ëm d'Vulleschutzgesetzgebung. Ech wollt de Minister froen, wéi dem Jos Scheuer, sengem Parteikolleg Jos Scheuer seng Initiativ...

(Hilarité)